Léif Frënn,

mat dësem klenge Circulaire wëlle mer Iech déi wichteg grouss Arbechten ernimmen, déi an dem leschte Joër och duerch Iech konnten realiséiert gin.

Fir all moralesch an finanziell Hëllef ee grousse MERCI !!!

Wat gouf an dem Joer 2011 alles färdeggestallt am Centre d'Accueil de l'Espoir :

Vun der Sr Marie Thérèse Brigit Mewoulou hate mir jo eng demande kritt, fir datt si dohannen kënnen eng Installatioun Photovoltaïque opbauen a benotzen. Zesumme mat Bridderlech Deelen a mat engem wichtegen Sponsor konnte mir dësen Projet agoen.

Dës Installatioun huet aus 3 Deeler bestanen :

1) adduction d'eau à l'énergie solaire (8.374,79€)+

2) réfrigération à l'énergie solaire (19.312,16€),

3) électricité et multimedia (16.007€)

Ufänglech hu mer agewëllegt fir déi 2 éischt Deeler ze finanzéieren,
duerno huet Sr Mewoulou äis vun der Wichtegkeet vum 3.Deel iwerzeegt an mir hun dun nach emol zougesot.

En Waasserbehälter ass onbedéngt néideg, datt de Kanner assuréiert ass, datt si ëmmer proppert Drénkwaasser zur Verfügung hun an hirem Heem.

Dësen « Château d'eau » gouf vun hinnen selwer gebaut, an sou kënnen si fir hiren Waasserennerhalt selwer Responsabel sin.

Un de Fotoen kann jidfereen erkennen, wéi si sech dohannen beméit hun, fir allméiglech Arbechten och fir Installatioun « Photovoltaïque » färdeg ze bréngen.

Creusage des fouilles devant recevoir les câbles de terre

Vue du château après l'installation des bâches

poteaux coffrés et coulés

Montage des structures pour modules solaires

Fixation des modules solaires sur les structures placées sur la plate forme du poteau

<u>Weider News aus eisen rapports vum Frëndeskrees :</u>

Ausser dem regelméissegen a wertvollen finanziellen Engagement vun eisen Parrains'en, konnte mir a leschter Zäit op Spenden fir de Kamerun zeréckgreifen, déi duerch Concert, Chrëschtdagsdon, Schoulaktioun, Kierchekollekt, Gemengesubside, Memberskarten, Käerzeverkaaf, an aktuell duerch den Téi-projet géint Malaria bei äis ukom sin.

Mir wäerten äis och 2012 beméien, fir eist Engagement, wat mir fir déi nächst 5 Joer agange sin : (Fonktionnement vum Centre d'Accueil fir déi nächst 5 Joer vun jährlech +-7.770.-€ weiderzeféieren.
Bei der Notzung vun der Photovoltaïque-Installatioun iwert déi éischt Méint gouf festgestalt, datt et wichteg wier iwert en weideren klengen Ausbau nozedenken, fir d'Reenzäit besser iwerbréckt ze kréien.
Dat bedeit fir äis, datt mir plangen, fir weider finanziell Mëttel ze sichen.

<u>Merci fir är Hëllef, duerch déi mir kënnen mathëllefen,</u>
<u>datt et Kanner a Menschen am Kamerun e Stéckweit besser ka goen</u>
<u>an hirem dacks schwéieren Alldag.</u>

de Frëndeskrees Kamerun:
Kraus Léon, Arendt-Brosius Marie-Paule, Brosius Raymond,
Deutchi Ghislaine, Ludovicy André, Petry Brigitte,
Roesgen Monique, Scholer Annette.